

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 15. Juni 2022

Här President,

esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Justizminister widerzeleeden.

Duerch d'Reform vum Scheedungsgesetz, déi am Juni 2018 an der Chamber ugeholl gouf, hunn d'Kanner d'Méiglechkeet sech un de Familljeriichter ze adresséieren, wa si Ännerunge beim Suergerecht verlaangen. De Riichter huet dann d'Méiglechkeet, de Kanner ee "Kanneraffekot" ze ginn, deen hir Intresse verdeedegt. De Barreau bitt eng Formatioun un, fir kënne Kanneraffekot ze ginn. Allerdéngs gëtt et um Site vum Barreau just lückenhaft Informatiounen zu dëser Ausbildung. Och de Parquet ass, sou ass eis zu Ouere komm, net an der Lag, verschidde wichteg Froen zu dëser Ausbildung ze beäntweren. Et gëtt an dëser Saach keng vollstänneg Transparenz, obschonns et hei ëm Informatiounen vun öffentlechem Intressi geet.

An deem Zesammenhank hunn ech folgend Froen un d'Madamm Ministesch:

- 1) No wéi enge Krittären erfollegt d'Selektioun vun de Kandidaten, déi wëlle Kanneraffekot ginn?
- 2) Wat fir Fächer a Sujete ginn an deenen eenzele Modulle vun der Formatioun behandelt?
- 3) Musse sech d'Kandidaten um Enn vun dëser Ausbildung engem Examen oder enger Prüfung ënnerzéien?
- 4) Geet d'Madamm Minister dervun aus, datt eng Formatioun vu grad emol aacht Stonnen (4 Modullen zu jee zwou Stonnen) duergeet, fir kënne d'Funktioon vun engem Kanneraffekot auszeüben?
- 5) Wat ass dat genau Zil vun dëser Formatioun?
- 6) Op wéi enger legaler Basis ass et engem Mannerjärege verbueden, sech een Affekot ze wielen, deen dës Formatioun net hannert sech bruecht huet?

Mat déiwem Respekt,

Roy REDING